



Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

**GUTT ÈNNERWEE  
UM GLATÄIS!**  
**À SON AISE SUR LE VERGLAS**

Bei Schnéi a Glatäis stellt sech ëmmer rëm d'Fro, wéi mir eis Trottoiren a Garagen-afaarten am beschte sécher a rutschfräi behalen. Den Handel bitt dozou eng Rei Produiten fir Privatleit un. D'Waasserhaus huet sech dës Produiten méi genee ugekuckt. Grondsätzlech kann een tëscht 2 Kategorien ënnerscheeden:

### A) Produiten, déi d'Äis duerch eng chemesch Reaktioun entdeeën

| Kategorie                            | Streesalz op Basis vu Natriumchlorid (Kachsalz) | Streesalz op Basis vu Kalziumchlorid*                                 | Granulater op Basis vun Seechomessaier (Kalium- a Natriumformat) |
|--------------------------------------|-------------------------------------------------|-----------------------------------------------------------------------|------------------------------------------------------------------|
| Wierksam bis -10°C                   | ✓                                               | ✓                                                                     | ✓                                                                |
| Wierksam bis -50°C                   | ✗                                               | ✓                                                                     | ✓                                                                |
| Dauer wou et wierkt                  | e puer Stonnen                                  | bis zu 72 Stonnen                                                     | bis zu 72 Stonnen                                                |
| Präis                                | ab 0,2 €/kg                                     | ab 2 €/kg                                                             | ab 2 €/kg                                                        |
| Schiedlech fir Déieren               | ✓                                               | net schiedlech fir d'Patte vun Déieren                                | net schiedlech fir d'Patte vun Déieren                           |
| Schiedlech fir d'Ëmwelt              | ✓                                               | ✗                                                                     | ✗                                                                |
| Schiedlech fir Natursteng a Gefierer | ✓                                               | verursaacht Korrosioun vu Metaller                                    | ✗                                                                |
| Réckstänn                            | ✓                                               | ✗                                                                     | ✗                                                                |
| Soss Nodeeler                        |                                                 | staark reizend op d'Aen. Beim Streeën Schutzbrëll an Hännercher droen |                                                                  |

\* Leider si bei de Produiten fir z'entdeeën d'Inhaltsstoffter oft net op der Packung vermerkt. Wann allerdéngs op eng staark Aenreizung higewise gëtt oder op déi zousätzlech Verwendung als Loftentfeuchter, dann handelt et sech gären ëm Kalziumchlorid.

### B) Produiten, déi rutschhemmend wierken

| Kategorie                            | Splitt                                                             | Blähtounggranulat                                                                    | Lavagranulat                                                                         |
|--------------------------------------|--------------------------------------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------|--------------------------------------------------------------------------------------|
| Präis                                | ab 0,1 €/kg                                                        | ab 0,5 €/kg                                                                          | ab 0,3 €/kg                                                                          |
| Schiedlech fir Déieren               | onangeneem                                                         | ✗                                                                                    | ✗                                                                                    |
| Schiedlech fir d'Ëmwelt              | ✗                                                                  | ✗                                                                                    | ✗                                                                                    |
| Schiedlech fir Natursteng a Gefierer | ✓                                                                  | ✗                                                                                    | ✗                                                                                    |
| Réckstänn                            | muss no der kaler Saison erëm zesummegekiert ginn                  | kann nom Glatäis an d'Blummebeet oder an de Wues gekiert ginn                        | kann nom Glatäis an d'Blummebeet oder an de Wues kiert ginn.                         |
| Soss Nodeeler                        | steet am Ruff sech op dem Grond vum Ofwaasserkanal ze deposéieren. | Granulater si liicht a setzen sech dofir net am Kanalsystem of                       | Granulater si liicht a setzen sech dofir net am Kanalsystem of                       |
| Soss Virdeeler                       |                                                                    | poréist Gestengs hält een Deel vun der Fiichtegkeet op, sou datt d'Rutschgefor senkt | poréist Gestengs hält een Deel vun der Fiichtegkeet op, sou datt d'Rutschgefor senkt |

Dès que les premiers flocons de neige tombent ou que le verglas s'installe, se pose la question du dégivrage de nos trottoirs et entrées de garage. Dans le commerce on retrouve une série de produits destinés à un usage domestique. La Maison de l'Eau a analysé ces produits plus en détail. On peut distinguer 2 catégories:

### A) Les produits dégivrants qui font fondre la glace grâce à une réaction chimique

| Catégorie                                          | Sel à base de chlorure de sodium (Sel de cuisine) | Sel à base chlorure de calcium*                                             | Granulés à base d'acide formique         |
|----------------------------------------------------|---------------------------------------------------|-----------------------------------------------------------------------------|------------------------------------------|
| Efficacité jusqu' -10°C                            | ✓                                                 | ✓                                                                           | ✓                                        |
| Efficacité jusqu' -50°C                            | ✗                                                 | ✓                                                                           | ✓                                        |
| Durée d'efficacité                                 | plusieurs heures                                  | jusque 72 h                                                                 | jusque 72 h                              |
| Prix                                               | à partir de 0,2 €/kg                              | à partir de 2 €/kg                                                          | à partir de 2 €/kg                       |
| Nuisible pour les animaux                          | ✓                                                 | pas nuisible pour les pattes des animaux                                    | pas nuisible pour les pattes des animaux |
| Nuisible à l'environnement                         | ✓                                                 | ✗                                                                           | ✗                                        |
| Nuisible pour la pierre naturelle et les véhicules | ✓                                                 | provoque la corrosion du métal                                              | ✗                                        |
| Résidu                                             | ✓                                                 | ✗                                                                           | ✗                                        |
| Autres inconvénients                               |                                                   | très irritant pour les yeux, porter des lunettes de protection et des gants |                                          |

\* Malheureusement les ingrédients sont rarement indiqués sur les emballages des produits dégivrants. Dans le cas où un danger pour les yeux est indiqué ou qu'il est stipulé que le produit peut être utilisé pour les déshumidificateurs, il s'agit alors souvent de chlorure de calcium.

### B) Les produits antidérapants

| Catégorie                                          | Gravier                                           | Granulés d'argile expansée                                                                        | Granulats de lave                                                                                 |
|----------------------------------------------------|---------------------------------------------------|---------------------------------------------------------------------------------------------------|---------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Prix                                               | à partir de 0,1 €/kg                              | à partir de 0,5 €/kg                                                                              | à partir de 0,3 €/kg                                                                              |
| Nuisible pour les animaux                          | inconfortable                                     | ✗                                                                                                 | ✗                                                                                                 |
| Nuisible à l'environnement                         | ✗                                                 | ✗                                                                                                 | ✗                                                                                                 |
| Nuisible pour la pierre naturelle et les véhicules | ✓                                                 | ✗                                                                                                 | ✗                                                                                                 |
| Résidu                                             | doit être balayé et évacué après la saison froide | peut être balayé, après la saison froide, dans un massif de fleurs ou dans le gazon               | peut être balayé, après la saison froide, dans un massif de fleurs ou dans le gazon               |
| Autres inconvénients                               | risque de se déposer dans les canalisations       | les granulés sont plus légers et ne se déposent donc pas dans les canalisations                   | les granulés sont plus légers et ne se déposent donc pas dans les canalisations                   |
| Autres avantages                                   |                                                   | les granulés poreux absorbent une partie de l'humidité et diminuent ainsi le risque de glissement | les granulés poreux absorbent une partie de l'humidité et diminuent ainsi le risque de glissement |



# Wéi soll doheem gestreet ginn?

## Comment déneiger chez soi?

Generell gëllt, datt een de Schnéi fir d'éischt soll ofschëppen, ier een den Trottoir street. Gëtt Salz direkt op de Schnéi gestreet, dann entsteht Schnéimatsch, dee fir de Foussgänger immens onangeneem ass.

Bei dënne Schnéicouche vun 1-3 cm kann een allerdéngs déi rutschhemmend Streemëttel och direkt op de Schnéi streeën. Si ginn dem Foussgänger ee besseren Halt. Awer et muss och net ëmmer gestreet ginn. Ee Bléck op d'Meteo ass dobäi duerch aus sënnvoll. Hautzedaags klammen d'Temperaturen heefeg relativ séier erëm aus der Gefréierzoon eraus.

### Wou kritt ee Lava-Streemëttel?

**Wann Dir gäre Lava-Streemëttel wëllt ausprobéieren, da kommt bei eis an d'Infostuff laanscht. Dir kritt de Sak vun 10 kg fir 3 €.**

*La règle générale est de dégager la neige en premier. Si on épand le sel directement sur la neige, elle ne fait que se ramollir, ce qui est désagréable pour les piétons.*

*Quand il n'y a qu'une fine couche de neige, il est possible d'épandre du gravier ou granulat directement sur la neige. Il permet aux chaussures des piétons de mieux accrocher au sol. Mais il n'est pas toujours nécessaire d'épandre quelque chose. Un coup d'œil à la météo peut être utile. En ces périodes de changement climatique, les températures ont souvent tendance à remonter rapidement dans le positif.*

### Où peut-on se procurer des granulats de lave?

**Si vous souhaitez tester ce type de granulats alors passez chez nous à la Maison de l'Eau à Redange. Nous y vendons des sacs de 10 kg au prix de 3 €.**

